## Gemengerot

# vum 04 Abrëll 2025

**Present:** de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) an d'Schäffe Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseillere Cheryl Binck-Geschwind (CSV), Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP) Claudine Meyer-Deitz (LSAP), Max Molitor (LSAP) a Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)

**Entschëllegt:** /

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl, ausser de Punkt 4.7.

## ËFFENTLECH SËTZUNG

## KOMMUNIKATIOUNEN

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, begréisst d'Membere vum Gemengerot zur Sëtzung vum 4ten Abrëll 2025. Den Ordre du jour gëtt eestëmmeg ugeholl.

**Madamm Claudine Meyer-Deitz, (LSAP)**, deelt mat, dass de Syndikat interkommunal fir d'Schafung, d'Amenagement, d'Promotioun an d'Exploitatioun vun enger wirtschaftlecher Aktivitéitszon mat regionalem Charakter an der Regioun Westen (ZARO) eng konstruktiv Versammlung mam Wirtschaftsministère ofgehalen huet. Am Kader vun dëser Versammlung huet Madame Claudine Meyer-Deitz bei de Vertrieder vum Ministère nogefrot, ob den Dossier vun der Gemeng Kielen bezüglech enger eventueller Extensioun vun hier Aktivitéitszon konform a komplett wier. An dësem Kontext huet Madame Laure Hieff bestätegt, dass den Dossier uerdnungsgeméiss opgestallt gouf. Si huet zousätzlech ugekënnegt, dass dësen am Laf vum Nomëtteg wärend der Reunioun mam Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weidergeleet gëtt.

**Den Här Guy Kohnen (CSV)** informéiert datt d'Fraise vun 2024 vun der SICA (syndicat intercommunal pour l'hygiène publique du canton de Capellen) manner héich ware wéi geschätzt an dofir gëtt ee Remboursement un d'Gemengen déi Member si gemaach. De Remboursement fir d'Gemeng Kielen beleeft sech op 81.000,00 Euro.

D'Renovatiounsaarbechte vum SICEC (Crématorium de Luxembourg) wäerten am Joer 2025 kënnen ofgeschloss ginn. 2024 sinn 32.029 Anäscherunge gemaacht ginn an dovunner waren 308 Demanden aus dem Ausland a notamment aus Däitschland.

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, erklärt datt a punkto Biogasanlag eventuell eng konkret Léisung virläit, notamment e méigleche Repreneur. Et ass e Grupp, dee konkret Virstellungen an Intressien huet an och mat de Baueren esouwäit eens ass. D'Gemeng Kielen ass hei direkt involvéiert well den Terrain wou d'Anlag drop steet der Gemeng gehéiert an dofir wäert deemnächst dann en neie Bail ënnerschriwwe ginn.

D'Gemeng hat eng ganz konstruktiv Entrevue mam Bureau Schroeder & Associéis wat de Contournement betrëfft. Deemno schafft d'Verwaltung elo intensiv un enger Propos fir den Tracé déi da spéitstens Enn Mee un de Ministère geschéckt gëtt. Och gouf confirméiert dass vun der national politescher Säit de Wëlle besteet de Contournement ze realiséieren an dass och säitens dem Ministère a bei der Pont et Chaussée dru geschafft gëtt.

Enn Mee, respektiv Ugangs Juni ass d'Ouverture vun der d'Maison pour Tous. D'Ligue HMC kann also als Locataire mat hirer Theaterequipe eraplënneren an d'Brasserie wäert dann och hier Dieren opmaachen. D'Autorisatioune vun der 30er Zon leien elo alleguerte vir. Mëtt Mee geet de Chantier un. D'30er Zon erstreckt sech vun der Kéier beim chineesesche Restaurant bis bei d'Haus Flammang. Et kommen nei Busarrêten dohinner, dat aalt Bushaische verschwënnt a gëtt duerch ee Grousst aus Glas ersat. Et si vill Aarbechten um Reseau ze maachen, dofir wäerten des Aarbechten och bis Ugangs 2026 daueren. Eng Säit vun der Strooss, ofwiesselnd, wäert wärend dem ganze Chantier befuerbar sinn, esou dass d'Awunner bei hier Proprietéite kommen an de Parking vis-à-vis vun der Gemeng bleift och accessibel.

### *1. Compromisen / Akten / Kontrakter*

#### *1.1. Compromis fir d'Acquisitioun vun enger Parzelle situéiert um Uert „Rue de Schoenberg" zu Kielen*

De Gemengerot approuvéiert de Compromis n°2025/1/4/CP deen de 19ten Mäerz 2025 tëschent der Gemeng, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Gesellschaft „Freehold Capital", vertrueden duerch hire Gerant, den Här Pit Reinert, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Compromis keeft d'Gemeng Kielen der genannte Gesellschaft d'Parzell n°811/X3, Strooss, mat enger Fläch vun 0,23 Ar, situéiert um Uert „Rue de Schoenberg", aktuell Deel vun der Parzell Nummer 811/6694, fir de Präis vun 230,00 Euro, of.

#### *1.2. Compromis fir d'Acquisitioun vun zwou Parzelle situéiert um Uert „Braupesch" a „Rue du Moulin" zu Dondel*

De Gemengerot approuvéiert de Compromis n°2025/1/3/CP deen de 28ten Mäerz 2025 tëschent der Gemeng, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Koppel Remy-Burg, soit den Här Sébastien Pierre André Remy an d'Madamm Nadja Sabine Burg, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Compromis keeft d'Gemeng Kielen der Koppel d'Parzell n°13/1800, Strooss, mat enger Surface vun 0,03 Ar, situéiert um Uert „Rue du Moulin", Sektioun D vun Dondel, aktuell Deel vun der Parzell Nummer 13/796 an d'Parzell n° 14/Lot3, Strooss, mat enger Surface vun 0,07 Ar, situéiert um Uert „Braupesch", Sektioun D vun Dondel, aktuell Deel vun der Parzell Nummer 14/603, fir de Präis vun 100,00 Euro, of.

#### *1.3. Compromis fir d'Acquisitioun vun zwou Parzelle situéiert um Uert „Juddegaass" zu Kielen*

De Gemengerot approuvéiert de Compromis n°2025/1/1/CP deen de 19ten Mäerz 2025 tëschent der Gemeng, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Affekotin Carmen Rimondini, Curateur vun der Faillite vun der Firma VIMO SA, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Compromis keeft d'Gemeng Kielen dem Verkeefer d'Parzellen n°2097/6797 a n°2130/6332, béit Strooss, mat enger Surface vun 0,53 Ar a 0,08 Ar jeeweils, situéiert um Uert „Juddegaass", Sektioun A vu Kielen, fir de Präis vu 427,00 Euro, of.

#### *1.4. Compromis fir d'Acquisitioun vun enger Parzell situéiert um Uert „Rue de la Montée" zu Dondel*

De Gemengerot approuvéiert de Compromis n°2025/1//CP deen de 19ten Mäerz 2025 tëschent der Gemeng, vertrueden duerch hire

Schäfferot an der Madamm Renée Maria Koch, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Compromis keeft d'Gemeng Kielen d'Parzell n°119/685, Strooss, mat enger Fläch vun 1,03 Ar, situéiert um Uert „Rue de la Montée", zu Dondel, fir de Präis vun 1.030,00 Euro, of.

### 1.5. Kontrakt fir eng Pacht op enger Parzell situéiert um Uert „Auf der Nackt" zu Meespelt

De Gemengerot approuvéiert de Kontrakt fir eng Pacht deen de 19ten Mäerz 2025 tëschent der Gemeng, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Guy Baus Guy ënnerschriwwe gouf. Bei dësem Kontrakt handelt et sech em d'Pacht vun Akerland dat sech op der Parzell n°860/1945 befënnt, um Uert „Auf der Nackt", Sektioun E vu Keespelt a Meespelt, mat enger Fläch vun 19,30 Ar. Déi järlecher Indemnitéit beleeft sech op 48,25 Euro, an d'Locatioun ass fir 9 Joer an dëst ab dem 1sten Januar 2024 bis den 31ten Dezember 2032 inklusiv.

### 1.6. Nottärsakt fir de Verkaf vun zwou Parzellen um Uert „Rue de Capellen" zu Ollem

De Gemengerot approuvéiert den Nottärsakt n°11988, deen de 19ten Mäerz 2025 tëschent der Gemeng, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Gesellschaft Antonissen Lux Sàrl, vertrueden duerch hire Gerant, den Här Michaël Antonissen ënnerschriwwe gouf. Dësen Akt kläert de Verkaf vun der Gemeng Kielen vun zwou Parzellen, Nummer 653/2950, Plaz, mat enger Fläch vun 0,17 Ar an Nummer 653/2951, Plaz, mat enger Fläch vun 0,13 Ar, Sektioun B vun Ollem, um Uert „Rue de Capellen" fir de Präis vu 15.000,00 Euro Den dozougehéierende Compromis gouf vum Gemengerot a senger Sëtzung vum 14ten Februar 2025 ënnerschriwwen.

### 1.7. Bail fir en Haus zu Nouspelt – Hëllef um Terrain ASBL

De Gemengerot approuvéiert de Bail deen den 31ten Mäerz 2025 tëschent der Gemeng, vertrueden duerch hire Schäfferot an der ASBL „Hut - Hëllef um Terrain", betreffend deem hinnen zur Verfügung gestallten Haus, situéiert zu Nouspelt, 8 rue de Kehlen, fir eng Ënnerlocatioun, dëst ausschliisslech fir Leit a sozialer Nout, ënnerschriwwe gouf. De Loyer fir dëst Gebai dee pro Mount muss bezuelt gi beleeft sech op 1.000,00 Euro. Dëse Kontrakt leeft ab dem 1sten Oktober 2024 fir dräi Joer.

## 2. Deklassement vun de Parzellen an der „Rue Simmerschmelz", „Rue de Roodt" a „Rue de Dondelange" zu Nouspelt

| „Rue de Simmerschmelz" à Nospelt | | |
|---|---|---|
| **Parcelle** | **Nature** | **Contenance** |
| n°2130/5153 | place | 0,15 are |
| n°2130/5156 | place | 0,01 are |
| n°2130/5157 | place | 0,01 are |
| n°2131/5172 | place | 0,15 are |
| n°2131/5171 | place | 0,27 are |
| n°2131/5170 | place | 0,20 are |
| n°2130/5161 | place | 0,02 are |
| n°2130/5162 | place | 0,01 are |
| n°2130/5163 | place | 0,01 are |
| n°2134/5178 | place | 0,28 are |
| n°2130/5166 | place | 0,01 are |
| n°2130/5167 | place | 0,01 are |
| n°2134/5177 | place | 0,01 are |
| n°2134/5176 | place | 0,06 are |
| n°2134/5175 | place | 0,15 are |
| n°839/5137 | place | 0,03 are |
| n°44/5131 | place | 0,01 are |
| n°838/5134 | place | 0,01 are |
| n°37/5130 | place | 0,11 are |
| **„Rue de Roodt" à Nospelt** | | |
| **Parcelle** | **Nature** | **Contenance** |
| n°836/5250 | place | 0,08 are |
| n°836/5251 | place | 0,07 are |
| n°838/5259 | place | 0,03 are |
| n°838/5260 | place | 0,14 are |
| n°838/5261 | place | 0,08 are |
| n°865/5264 | place | 0,05 are |
| n°865/5265 | place | 0,08 are |
| n°868/5266 | place | 0,04 are |
| n°868/5267 | place | 0,09 are |
| n°1151/5268 | place | 0,38 are |
| **„Rue de Dondelange" à Nospelt** | | |
| **Parcelle** | **Nature** | **Contenance** |
| n°1/5215 | place | 0,77 are |
| n°1/5216 | place | 0,02 are |
| n°1/5217 | place | 0,05 are |
| n°29/5218 | place | 0,08 are |
| n°29/5219 | place | 0,01 are |
| n°29/5220 | place | 0,04 are |
| n°808/5229 | place | 0,06 are |
| n°812/5230 | place | 0,01 are |
| n°812/5231 | place | 0,05 are |
| n°813/5232 | place | 0,09 are |
| n°814/5233 | place | 0,07 are |
| n°814/5234 | place | 0,06 are |
| n°814/5235 | place | 0,02 are |
| n°836/5243 | place | 0,02 are |
| n°836/5246 | place | 0,03 are |
| n°836/5249 | place | 0,31 are |
| n°836/5252 | place | 0,08 are |
| n°836/5253 | place | 0,05 are |
| n°836/5254 | place | 0,05 are |

## 3. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot

De Gemengerot confirméiert 2 dréngend Verkéiersreglementer vum Schäfferot, nämlech an der Rue de Capellen an an der Rue de Kehlen zu Ollem (CR103), fir den Ofbau vun 3 Reie Paweesteng vum besteeënden Trottoir, dëst ab dem 17ten Mäerz 2025 bis zum Ofschloss vun den Aarbechten an an der Juddegaass zu Kielen virum Gebai N°6, wéinst Aarbechte fir den Uschloss un de Reseau, dëst ab dem 20ten Mäerz 2025 bis den 10ten Abrëll 2025.

## 4. Dekonte vu Manifestatiounen / Subsiden / Donen

### 4.1. Chrëschtmaart „Jingle and Mingle" 2024 - Dekont a Subsid

De Gemengerot approuvéiert de Dekont bezüglech dem Chrëschtmaart 2024 dee vum Receveur, Serge Harles, presentéiert gouf. De Gemengerot bewëllegt, op Propositioun vum Schäfferot an der Kommissioun vun interkulturellen Zesummeliewen, der Associatioun „ZAK! Zesummen aktiv!" en Don vu 4.000,00 Euro an decidéiert Differenz tëschent dem Boni vum Chrëschtmaart 2024 an dem Don deen iwwerwise gëtt bäizeleeën, soit 555,23 Euro.

### 4.2. „Floumaart fir Kanner- a Jugendsaachen 23 édition" 2024 – Dekont a Subsid

De Gemengerot approuvéiert den Decompte dee vum Gemenge Receveur, den Här Serge Harles presentéiert gouf, betreffend dem „Floumaart fir Kanner- a Jugendsaachen", 23. Editioun, deen de 27 a 28 September 2024 zu Keespelt stattfonnt huet. An deem Kontext, accordéiert de Gemengerot der „ongd-fnel Zesumme fir d'Educatioun am Nepal", een Don vu 7.500,00 Euro an decidéiert Differenz tëscht dem Boni vum „Floumaart fir Kanner- a Jugendsaachen", 23. Editioun, an dem Don bäizeleeën, nämlech 581,69 Euro.

### 4.3. Divers Subsiden (1. Trimester vum Joer 2025) vun engem Montant vun 2.750 Euro

De Gemengerot spent follgend Subventiounen un national an international humanitär Associatiounen déi am éischten Trimester 2025 eng Subventiounsufro gemaach hunn:

| DEMANDEUR | | | | | | 2025 / 1er trimestre (janvier-mars) | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| N° | N° Fournisseur | Nom | Forme juridique | Localité | Article budgétaire | Date demande | Montant |
| 1 | 38735 | Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung | a.s.b.l. | Rollingen | 3/192/615100/99001 | 02/01/2025 | 125,00€ |
| 2 | 48289 | MemoShoa Luxembourg | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/192/615100/99001 | 02/01/2025 | 125,00€ |
| 3 | 43463 | Chorale Saint-Michel | a.s.b.l. | Kehlen | 3/192/615100/99001 | 02/01/2025 | 125,00€ |
| 4 | 48292 | FËBLUX- fir ëffentlech Bibliothéiken | a.s.b.l. | Dudelange | 3/192/615100/99001 | 07/02/2025 | 125,00€ |
| 5 | 34417 | SOS Détresse - Hëllef iwwer Telefon | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/192/615100/99001 | 13/03/2025 | 125,00€ |
| 6 | 53430 | Hëllef um Terrain a.s.b.l. (H.U.T. anc. Caritas) | a.s.b.l. | Bertrange | 3/192/615100/99001 | 04/03/2025 | 125,00€ |
| 7 | 17024 | Conseil National des Femmes du Luxembourg | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/192/615100/99001 | 10/03/2025 | 125,00€ |
| 8 | 40906 | Fondation Cancer | Fondation | Luxembourg | 3/192/615100/99001 | 03/03/2025 | 125,00€ |
| 9 | 13177 | Sécurité routière | a.s.b.l. | Bertrange | 3/192/615100/99001 | 10/03/2025 | 500,00€ |
| 10 | 46958 | Plooschter Projet asbl | a.s.b.l. | Rumelange | 3/192/615100/99001 | 24/03/2025 | 125,00€ |
| 11 | 13515 | Médecins Sans Frontières | ONG | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 14/01/2025 | 125,00€ |
| 12 | 47913 | Nouvelle PNP Asbl | a.s.b.l. | Bascharage | 3/191/648110/99001 | 27/01/2025 | 125,00€ |
| 13 | 35762 | Lux Rollers | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 13/02/2025 | 125,00€ |
| 14 | 27557 | Handicap International Luxembourg | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 21/02/2025 | 125,00€ |
| 15 | 40143 | Fondation Dr Elvire Engel | ONG | Steinfort | 3/191/648110/99001 | 25/02/2025 | 125,00€ |
| 16 | 49639 | Pharmaciens Sans Frontières - Luxembourg | a.s.b.l. | Bertrange | 3/191/648110/99001 | 26/02/2025 | 125,00€ |
| 17 | 34476 | SOS Villages d'Enfants Monde | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 27/02/2025 | 125,00€ |
| 18 | 34264 | Les Amis du Tibet, Luxembourg | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 03/03/2025 | 125,00€ |
| 19 | 45821 | CARE in Luxemburg a.s.b.l. | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 07/03/2025 | 125,00€ |
| | | | | | | **Total:** | **2.750,00€** |

### 4.4. ASBL „Ukraïnka" – Virstellung vum Film „20 Days in Mariupol" – Don

De Gemengerot decidéiert en Don vun 1000,00 Euro un d'ASBL „Ukraïnka" ze spenden, fir hir humanitär Hëllef ze ënnerstëtzen, déi am Kader vum Krich an der Ukrain duerchgefouert gëtt.

### 4.5. ASBL Spuerveräin Aulebäcker Nouspelt – Subsid

De Gemengerot iwwerreecht der ASBL „Spuerveräin Aulebäcker Nouspelt" eng Subventioun vun 1.397,25 Euro, fir den Akafspräis vun der Friteuse, déi am Kader vun Aarbechte geklaut gouf, ze remboursëieren.

### 4.6. Donen als Kompensatioun fir Kaddoen am Kader vu Gebuerten, vu Gebuertsdeeg an Hochzäiten – Exercice 2024

De Gemengerot spent follgend Subventiounen un national an international humanitär Associatiounen:

| Association | Forme juridique | Article budgétaire | Montant |
|---|---|---|---|
| Fondation SOS Villages d'enfants Monde | Asbl | 3/192/615100/99001 | 70,00€ |
| FLAR Air Rescue | Asbl | 3/192/615100/99001 | 80,00€ |
| Fondation Kriibskrank Kanner | Asbl | 3/192/615100/99001 | 80,00€ |
| Croix-Rouge Luxembourg | Association | 3/192/615100/99001 | 70,00€ |
| Fondation Hëllef fir d'Natur | Asbl | 3/192/615100/99001 | 80,00€ |
| Association Luxembourgeoise Alzheimer | Asbl | 3/192/615100/99001 | 90,00€ |
| Frënn vun der ATP Kehlen A.s.b.l. | Asbl | 3/192/615100/99001 | 100,00€ |
| | | **Total:** | **570,00€** |

### *4.7. Donen als Kompensatioun fir Kaddoen am Kader Gebuerten, vu Gebuertsdeeg an Hochzäiten – Exercice 2025*

Well sech d'Praxis vun der Zouweisung vun Donen als komplex erwisen huet – wéinst falschen Nimm vun den Associatiounen oder net korrekte Kontosnummeren – schléit de Schäfferot vir, d'Donen am Plaz vu Blummen oder Cadeauen u verschidde lokal karitativ Associatiounen ze verdeelen. D'Associatioune ginn ofwiesselnd a pro Trimester duerchgeholl.

De Gemengerot spent, opgrond vum Verzicht vu Persounen op hire Cadeau op Propositioun vum Schäfferot, un déi follgend Associatioun:

| Association | Forme juridique | Article budgétaire | Montant |
|---|---|---|---|
| Frënn vun der ATP Kehlen A.s.b.l. | Asbl | 3/192/615100/ 99001 | 880,00€ |

### *4.8. UGDA - National Youth Wind Orchestra Luxembourg – Don*

De Gemengerot spent der UGDA (Union Grand-Duc Adolphe) en Don vu 50,00 Euro fir de Comité de patronage.

## *5. Lotissementer*

### *5.1. Lotissement vu Parzelle situéiert um Uert „Mittelst Penchert" an um Uert „Rue de Roodt" zu Nouspelt*

De Gemengerot approuvéiert de Projet vun engem Lotissement de virgesäit Parzellen, déi am Kadaster vun der Gemeng Kielen ageschriwwe sinn, Sektioun C vun Nouspelt ënnert de Nummeren 1143/4331, Wiss, mat enger Fläch vun 20,10 Ar, situéiert um Uert „Mittelst Penchert", 1149/0, Akerland, mat enger Fläch vu 6,53 Ar, situéiert um Uert „Mittelst Penchert", 1151/4332, Wiss, mat enger Fläch vu 64,55 Ar, situéiert um Uert „Rue de Roodt" et 1151/5268, Uert, mat enger Fläch vun 38 Centiar situéiert um Uert „Rue de Roodt", a 7 Parzellen ze splécken an zwar Parzellen n°1151/X1, n°1151/X2, n°1151/X3, n°1151/X4, n°1151/X5, n°1151/X6 et n°1151/X7.

### *5.2. Lotissement vun enger Parzell situéiert um Uert „Rue de Schoenberg" zu Kielen*

De Gemengerot approuvéiert de Projet vun engem Lotissement de virgesäit d'Parzell, déi ageschriwwen ass am Kadaster vun der Gemeng ënnert der Nummer 811/6694, Sektioun A vu Kielen, Akerland, mat enger Fläch vun 33,16 Ar, situéiert um Uert „Rue de Schoenberg", an dräi Parzellen ze deelen, an zwar d'Parzellen n°811/X1, n°811/X2 an n°811/X3.

### *5.3. Lotissement vun enger Parzell situéiert an der „Rue du Moulin" um Uert „Braupesch" zu Dondel*

De Gemengerot approuvéiert de Projet vun engem Lotissement dee virgesäit d'Parzell, déi am Kadaster vun der Gemeng Kielen ënnert der Nummer 14/603 ageschriwwen ass, Sektioun D vun Dondel, Wiss, mat enger Fläch vun 78,10 Ar, um Uert „Braupesch", an dräi Lousen ze splécken, an zwar d'Lous 14/Lot 1 (54,94 Ar), Plaz, d'Lous 14/Lot2 (28,54 Ar), Plaz, souwéi d'Lous 14/Lot 3 (0,07 Ar), Strooss.

### *5.4. Lotissement vun enger Parzell situéiert um Uert „Rue de la Forêt" zu Ollem*

De Gemengerot approuvéiert de Projet vun engem Lotissement dee virgesäit d'Parzelle, déi ageschriwwen ass am Kadaster vun der Gemeng Kielen ënnert der Nummer 758/2034, Sektioun B vun Ollem, Plaz, mat enger Fläch vu 7,50 Ar, situéiert um Uert „Rue de la Forêt", an zwou Parzellen, an zwar d'Parzell n°758/XXX1 an d'Parzell n°758/XXX3.

## *6. Konventiounen*

### *6.1. JUKI ASBL – Konventioun tëschent dräi Acteure bezüglech dem Fonctionnement vum Service fir d'Zesummekommen, der Informatioun an der Animatioun fir Jonker*

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun vum Service fir d'Zesummekomme, der Informatioun, der Animatioun fir Jonker JUKI ASBL, déi de 17ten Januar 2025, tëschent dem Staat, vertrueden duerch den Här Claude Meisch, den Educatiounsminister, der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Träger JUKI ASBL, vertrueden duerch den Här Marc Bissen, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dëser Konventioun, déi den 1sten Januar 2025 a Kraaft getrueden ass, iwwerhëlt de Staat an d'Gemeng jeeweils 50% vum Coût vun de Personalkäschten an de Fonctionnementskäschten, geschat op 227.843,00 Euro fir d'Joer 2025.

### *6.2. Club Senior Kielen – Konventioun tëschent dräi Acteure bezüglech dem Club Aktiv Plus*

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun fir d'Joer 2025 bezüglech dem Club Aktiv Plus genannt Club Senior Kielen déi de 16ten Januar 2025 tëschent dem Staat, vertrueden duer den Här Max Hahn, Familljeminister, der Associatioun Club Senior Kielen ASBL, vertrueden duerch hier Presidentin Madamm Claudine Meyer an der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hier Schäfferot ënnerschriwwe gouf. De Verdeelungsschlëssel, deen an dëser Konventioun festgehalen ass, gesäit vir dass de Staat 87% vun de Personalkäschten, déi un déi konventionéiert Poste gebonne sinn, muss iwwerhuele wougéint d'Gemeng Kielen 13% vun de genannte Käschten.

### *6.3. SICONA Süd-West – Konventioun bezüglech der Verwierklechung vu Projete fir de Naturschutz zu Ollem*

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun bezüglech der Verwierklechung vu Projete fir de Naturschutz déi tëschent dem Här Aloyse Gonderinger an der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot, den 19ten Mäerz 2025 ënnerschriwwe gouf. De Proprietaire vun der Parzell déi am Kadaster vun der Gemeng Kielen ënnert der Nummer 1104/1100 ageschriwwen ass, Akerland, Sektioun C vun Nouspelt, mat enger Fläch vu 46 Ar, situéiert um Uert „In Leidel" geneemegt der Gemeng sech em den Entretien vu 15 Uebstbeem mat héijem Stamm ze këmmeren an den Terrain ze befuere fir kënnen Entretiensaarbechten ze maachen. De Proprietaire sengersäits engagéiert sech fir d'Beem ze erhalen a keng chemesch Pestiziden a kee mineraleschen Dünger ze notzen.

## *7. PAP-NQ „Am Aker" – Verzicht op d'Veräusserung vu Fongen déi dem abordabele Wunnraum virbehale sinn oder den abordabele Wunnraum mam entspriechendem Undeel u Fongen zu Gonschte vum Staat*

De Gemengerot beschléisst, opgrond vum Artikel 29bis (7) vum geännerte Gesetz vum 19ten Juli 2004 iwwert d'kommunal Landesplanung an den urbane Wunnengsbau, am Kader PAP NQ „Am Aker", op d'Veräusserung vu Fongen déi dem abordabele Wunnraum virbehale sinn oder den abordabele Wunnraum mam entspriechendem Undeel u Fongen zu Gonschte vum Staat ze verzichten.

## *8. Kommissiounen*

### *8.1. Inclusiounskommissioun - Demissioun vun engem Member*

Unhand vun hirem Email vum 3ten Mäerz 2025, huet d'Madamm Joan Back der Gemeng Kielen hier Demissioun als Member vun der Inclusiounskommissioun zoukomme gelooss. Doropshin, approuvéiert de

Gemengerot Demissioun vun der Madamm Joan Back als Member vun der genannter Kommissioun, déi sech deemno follgendermoossen zesummesetzt:

| N° | Nom / Prénom | | Fonction |
|---|---|---|---|
| 1 | SCHWARZ Sandy | CSV | Secrétaire |
| 2 | KOHNEN Guy | CSV | Membre |
| 3 | MEIS Sandy | CSV | Membre |
| 4 | REHLINGER Sandra | LSAP | Présidente |
| 5 | vacant | LSAP | Membre |
| 6 | CASEY Wendy | DP | Membre |
| 7 | BONIFAS Larry | déi gréng | Membre |
| 8 | PEREIRA-PACIOTTI Patrizia | neutre | Membre |
| 9 | LIESCH Camille | neutre | Membre |
| 10 | RIEDEL-MAHR Nora | neutre | Membre |
| 11 | LINK Marie-Claire | neutre | Membre |
| 12 | SOW Momar Tallar | neutre | Membre |
| 13 | MARTIN Paul | neutre | Membre |

### 8.2. Kulturkommissioun – Demissioun vum Sekretär

Unhand vu sengem Bréif vum 15ten Mäerz 2025, huet den Här Kevin Urbing der Gemeng Kielen seng Demissioun als Sekretär vun der Kulturkommissioun agereecht. Doropshin, approuvéiert de Gemengerot Demissioun vum Här Kevin Urbing als Sekretär vun der genannter Kommissioun.

### 8.3. Kulturkommissioun – Demissioun vum engem Member

Unhand vum selwechte Bréif, huet den Här Kevin Urbing och seng Demissioun als Member vun der Kulturkommissioun agereecht. Doropshin, approuvéiert de Gemengerot Demissioun vum Här Kevin Urbing als Member vun der genannter Kommissioun.

### 8.4. Kulturkommissioun – Ernennung vum engem Member

Déi Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei (CSV) proposéiert d'Madamm Sandy Schwarz als Member vun der Kulturkommissioun ze nennen. Doropshin, ernennt de Gemengerot, unhand vun engem geheime Vott d'Madamm Sandy Schwarz als Member vun der genannter Kommissioun.

### 8.5. Kulturkommissioun – Ernennung vum engem Sekretär

Déi Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei (CSV) proposéiert d'Madamm Sandy Schwarz als Sekretär vun der Kulturkommissioun ze nennen. Doropshin, ernennt de Gemengerot, unhand vun engem geheime Vott, d'Madamm Sandy Schwarz als Sekretär vun der genannter Kommissioun, déi sech deemno follgendermoossen zesummesetzt:

| N° | Nom / Prénom | | Fonction |
|---|---|---|---|
| 1 | SCHWARZ Sandy | CSV | Secrétaire |
| 2 | THILL Felix | CSV | Membre |
| 3 | MATIAS TRIGO Afonso Filipe | CSV | Membre |
| 4 | NOESEN-HEINTZ Nathalie | LSAP | Présidente |
| 5 | DREWS Frank | LSAP | Membre |
| 6 | KRECKÉ Patrick | DP | Membre |
| 7 | ÇIÇEK Canan | déi gréng | Membre |
| 8 | WACKERS Marie Paule | neutre | Membre |
| 9 | ADAM Joël | neutre | Membre |
| 10 | GERGES André | neutre | Membre |
| 11 | SUYS Willy | neutre | Membre |
| 12 | NOESEN Philippe | neutre | Membre |
| 13 | EICHER-SCHMITT Myriam | neutre | Membre |

### 8.6. Sportskommissioun – Demissioun vum engem Member

Unhand vu sengem Bréif vum 24ten Februar 2025, huet den Här Tim Lautem der Gemeng Kielen seng Demissioun als Member vun der Sportskommissioun agereecht. Doropshin, approuvéiert de Gemengerot Demissioun vum Här Tim Lautem als Member vun der genannter Kommissioun.

### 8.7. Sportskommissioun– Demissioun vum engem Member

Unhand vun hirem Bréif vum 30ten Dezember 2024, huet d'Madamm Corinne Hienckes der Gemeng Kielen hier Demissioun als Member vun der Sportskommissioun agereecht. Doropshin, approuvéiert de Gemengerot Demissioun vun der Madamm Corinne Hienckes als Member vun der genannter Kommissioun, déi sech deemno follgendermoossen zesummesetzt:

| N° | Nom / Prénom | | Fonction |
|---|---|---|---|
| 1 | VAN WISSEN Pauline | CSV | Présidente |
| 2 | DOS SANTOS MACIEL Paula | CSV | Membre |
| 3 | AZEVEDO PIRES Sylvie | CSV | Membre |
| 4 | REHLINGER Sandra | LSAP | Secrétaire |
| 5 | PEREIRA-PACIOTTI Patrizia | LSAP | Membre |
| 6 | REGNO Massimo | DP | Membre |
| 7 | VOSMAN Hermanus | déi gréng | Membre |
| 8 | URBING Kevin | neutre | Membre |
| 9 | PEREIRA PINTO Michel | neutre | Membre |
| 10 | vacant | neutre | Membre |
| 11 | LIESCH Camille | neutre | Membre |
| 12 | JANDER Christine | neutre | Membre |
| 13 | vacant | neutre | Membre |

## 9. Kommitee vum Jumelage

### 9.1. Demissioun vun engem Member

Den Här Kevin Maciel dos Santos huet sech Demissioun agereecht. Deemno approuvéiert de Gemengerot seng Demissioun als Vertrieder vum CGDIS am Kommitee vum Jumelage.

### 9.2. Ernennung vun enger Member

Den Här Michael Ford huet seng Kandidatur agereecht. Deemno, ernennt de Gemengerot, unhand vun engem geheime Vott, den Här Michael Ford als Member a Vertrieder vum CGDIS am Kommitee vum Jumelage a stellt fest, datt de Kommitee vum Jumelage follgendermoossen zesummegesat ass:

| | |
|---|---|
| Parti politique CSV | M. Lucien KOCH |
| Parti politique LSAP | Mme Anne ZEIHEN |
| Parti politique DP | Mme Maryse FRANTZEN |
| Parti politique déi gréng | Mme Josette CLEMENS |
| Commission consultative communale du vivre-ensemble interculturelle | Mme Natacha KOCH |
| Commission consultative communale scolaire | M. Guy BREDEN |
| Commission consultative communale des affaires culturelles | vacant |
| Commission consultative communal des sports et loisirs | M. Massimo REGNO |
| Associations locales | Mme Marie-Anne KIEFFER-GIERES Fanfare Kehlen |
| | M. Marc MAAS Gaart an Heem Kielen/Ollem |
| | M. Willy SUYS Photothéik |
| | M. Nico HAMES Cycles comiques Ollem |
| | M. André GERGES Frënn vum Brennereimusée |
| | Mme Marie-Jeanne SCHMIT Gaart an Heem Kielen/ Ollem |
| | Mme Sarah DELCOURT My Elmen asbl |
| | Mme Olivia SPARAPANO My Elmen asbl |
| Commerce / Artisanat | vacant |
| Jeune 16-25 ans | vacant |
| Jeune 16-25 ans | vacant |
| Corps enseignant | Mme Anouk SCHINTGEN |
| CGDIS | M. Michael FORD |

### *10. Indemnitéite betreffend der Foto- a Videothéik vun der Gemeng Kielen*

De Gemengerot setzt d'Indemnitéite fir d'Reportagen, déi vun de Fotografen an der Gemeng Kielen duerchgefouert ginn, no der Wichtegkeet an d'Gréisst vun den dokumentéierten Evenementer wéi follgendermoosse fest:

| Reportage | Photos | Tarif |
|---|---|---|
| Remise de chèque, anniversaire, etc. - prise de vue et traitement de l'image | min. 1 photo à max. 3 photos | 40,00€ forfaitaire |
| Kielener Kiermes, thé dansant, expositions, etc. - prise de vue et traitement des images | min. 15 photos à max. 25 photos | 200,00€ forfaitaire |
| Marché de Noël, KUKI, festivals, etc. – prise de vue et traitement des images | min. 25 photos à max. 50 photos | 100,00€/ heure + 150,00€ forfaitaire |
| Photos par drone – prise de vue et traitement des images | min. 3 photos à max. 6 photos | 100,00€ forfaitaire |

### *11. Gemengereglementer*

#### *11.1. Verkéiersreglement vun der Gemeng Kielen – Modifikatioun*

De Gemengerot ännert d'Verkéiersreglement vum 26ten November 2011 follgendermoossen:

**Art. 1er.**

Dans l'annexe 1 „Dispositions particulières", la rubrique concernant **am Duerf à Kehlen (Kielen)** est complétée par les dispositions suivantes:

| Article | Libellé | Situation | Signal |
|---|---|---|---|
| 6/6/2 | Parking / Parking-relais pour véhicules automoteurs ≤ 3,5t | À la hauteur des maisons 1A-1B, du côté nord À la hauteur des maisons 1B-1, du côté nord |  |

Dans l'annexe 1 „Dispositions particulières", la disposition suivante concernant **am Duerf à Kehlen (Kielen)** est supprimée:

| Article | Libellé | Situation | Signal |
|---|---|---|---|
| 6/9/1 | Arrêt d'autobus | À la hauteur de la maison 1B |  |

#### *11.2. Hausreegel iwwert d'Prozedur fir d'Verdeelung vun de Kanner a verschidde Schoulklassen*

De Gemengerot decidéiert dëse Punkt op eng spéider Sitzung ze verleeën a präziséiert, datt den Avis vun der Schoulkommissioun ab dee Moment disponibel muss sinn.

### *12. Bau vun engem Parking um Uert „Schönberg" - Devis*

De Gemengerot approuvéiert den Devis fir de Bau vun engem Parking um Uert „Schönberg" zu Kielen, de vum technesche Service vun der Gemeng Kielen de 24ten Mäerz 2025 opgestallt gouf an deen e Gesamtbetrag vun 63.062,00 Euro ouni TVA (73.782,54 Euro mat TVA) ëmfaasst. Den Devis enthält Virbereedungsaarbechten am Wäert vun 2.495,00 Euro ouni TVA, Äerdaarbechten an Opfëllaarbechten am Wäert vun 20.915,00 Euro ouni TVA souwéi d'Finitioun vun den Uewerflächen am Wäert vun 29.652,00 Euro ouni TVA an divers Aarbechten am Wäert vun 10.000,00 ouni TVA.

### *13. Personal Ugeleeënheeten*

#### *13.1. Verwaltung vun der Gemeng Kielen/ technesche Service - Kreatioun vun engem Poste fir e Gemengesalarié mat intellektueller Tâche, Vollzäit an der Kategorie A, Loungrupp A1, Ënnergrupp wëssenschaftlech an technesch*

De Gemengerot schaaft eng Plaz fir en intellektuell beschäftegte Salarié a Vollzäit am technesche Service vun der Gemengeverwaltung vu Kielen a leet déi minimal Ausbildungsviraussetzungen fest, fir Zougang zu dëser Plaz ze kréien, nämlech en Diplom vum Niveau 7 vum lëtzebuergesche Qualifikatiounskader, wéi am Artikel 69 vum Gesetz vum 28ten Oktober 2016 virgesinn.

#### *13.2. SEA - Kreatioun vun engem Posten, Vollzäit, fir intellektuell Aufgaben, déi mat der Kategorie A, Loungrupp A2, Erzéiung Psycho-Soziales Ënnergrupp assimiléiert gëtt*

De Gemengerot schaaft eng Plaz fir en intellektuell beschäftegte Salarié a Vollzäit am kommunalen Erzéiungs- an Emfangdéngscht fir Kanner a leet déi minimal Ausbildungsviraussetzungen fest, fir Zougang zu dëser Plaz ze kréien, nämlech en Diplom vum Niveau 6 vum lëtzebuergesche Qualifikatiounskader, wéi am Artikel 69 vum Gesetz vum 28ten Oktober 2016 virgesinn.

## GESCHLOSSE SËTZUNG

### *14. Verwaltung vun der Gemeng Kielen*

#### *14.1. Demissioun vun engem Gemengebeamten an der Loungrupp B1, Ënnergrupp administratives*

De Gemengerot approuvéiert Demissioun vun engem Gemengebeamten an der Loungrup B1 (fréiere Redakter), Ënnergrupp administratives vun der Gemeng Kielen déi ab dem 1ste Mee 2025 a Kraaft trëtt, mat engem Merci fir déi gutt an trei Déngschter.

#### *14.2. Demande fir d'Pensioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp administratives*

De Gemengerot accordéiert den éierbare Récktrëtt vun engem Gemengenemployé aus de Funktioune vum „Biergerzenter" vun der Gemeng Kielen, ab dem 1sten Oktober 2025 fir säi Recht op Pensioun geltend ze maachen, mat Merci fir déi gutt an trei Déngschter.

### *15. Kommunalen Erzéiungs- an Emfangdéngscht fir Kanner (SEA)*

#### *15.1. Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot approuvéiert Demissioun vun engem Gemengenemployé aus senger Positioun an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales ab dem 1sten Mee 2025.

#### *15.2. Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrup C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot approuvéiert Demissioun vun engem Gemengenemployé aus senger Positioun an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales ab dem 1sten Mee 2025.

#### *15.3. Ufro fir d'Kierzung vun der Initiatiounsperiod vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot approuvéiert d'Kierzung vun der Initiatiounsperiod vun 8 Méint vun engem Gemengenemployé beim SEA an der

Kategorie B, Loungrupp B1 wat mat sech bréngt dass de Ufank vu senger Karriär op den 1sten Mee 2025 festgeluecht ass.

### *15.4. Schoultransport – Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott en administrativen Agent fir de SEA vun der Gemeng Kielen, ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Administratives, mat enger Tâche vu 16 Stonnen an der Woch.

### *15.5 Zouweisung vun der Indemnitéit fir d'Begleedung vun der beruflecher Praxis vun Educateuren*

De Gemengerot decidéiert déi Indemnitéiten déi wärend dem Joer 2024 fir d'Begleedung vun der beruflecher Praxis vun Educateuren un Agente vun der Gemeng nei ze verdeelen.

### *15.6. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales (Educateur diplômé)*

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott en Educateur diplômé fir de SEA vun der Gemeng Kielen mat enger Tâche vun 90% (36 Stonne pro Woch) ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

### *15.7. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28 Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun de Funktioune vun engem Gemengenemployé an de Grad 9, 4ten Echelon, 254 Punkten an dëst an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

### *15.8. Kënnegung vun engem CDI vun engem Gemengenemployé aus der Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot léist, no engem geheime Vott, den Aarbechtsvertrag vun engem Gemengenemployé vum SEA vun der Gemeng Kielen, mat enger Tâche vu 60% (24 Stonne pro Woch) ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales, op mat Wierkung op den 10ten Mäerz 2025.


K-BUS GEMENG KIELEN




Où circule le K-BUS ?
* Territoire de la Commune de Kehlen
* Capellen Gare
* City Concorde Lifestyle Center
* Shopping Center La Belle Etoile
* CHL - Centre Strassen
* CHL Eich
* CHdN Ettelbruck
* Hôpital Kirchberg
* Rehazenter Kirchberg
* ZithaKlinik

Quand circule le K-BUS ?
Du lundi au samedi de 8h00 à 20h00 (sauf les jours fériés).

Comment réserver le K-BUS ?
Composez le numéro gratuit 8002 8282 et réservez votre déplacement au plus tard 60 minutes avant votre départ souhaité.

Plus d'infos sur :
www.kehlen.lu